LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

oekozenter
pafendall

SDK
RESSOURCEN
INNOVATIOUN
NOHALTEGKEET
CIRCULAR ECONOMY
SuperDrecksKëscht ®

# GREEN. EVENTS

## Checklëscht

Checklëscht Green Events – 2025

# Green Events-Checklëscht

D'Checklëscht „Green Events“ ëmfaasst d'Krittären, déi als Orientéierungshëllef fir d'Organisatioun vun Ärem nohaltegen Event déngen.

D'Krittären sinn an 8 Kategorien ënnerdeelt: Kommunikatioun & Marketing, Dekoratioun & Material, Mobilitéit, Iessen & Gedrénks, Offall, Waasser & Sanitär, Energie, Ekologescht Engagement.

**Wéi benotzen ech d'Checklëscht „Green Events“?**

1) Féllt déi allgemeng Informatiounen iwwert Äert Event aus.
2) Beäntwert d'Froen zu de Krittären aus der Checklëscht.
   - Kräizt **JO** un, wann de Krittär erfëllt ass, oder loosst d'Feld eidel
   - Kräizt **NEE** un, wann de Krittär net erfëllt ass, oder loosst d'Feld eidel
   - Kräizt **NA** „net applicabel“ un, wann de Krittär net ob Äert Event zoutrëfft

**Erklärungen a Kommentaren**

Erkläert an der Kolonn „Erklärungen a Kommentaren“, wéi Äert Event de Krittär erfëllt.

**Wéi kréien ech de Logo?**

Fir de **Logo „Green Events“** ze kréien, mussen all obligatoresch Krittären erfëllt sinn.Déi obligatoresch Krittären si mam „Green Events“-Symbol ● markéiert.

Fir de **Logo „Mir engagéieren eis“** ze kréien, muss d'Event mindestens d'Hallschent vun all de Krittären erfëllen (obligatoresch an optional).

Weider Informatiounen zu de Krittären fannt Dir an de Recommandatiounen um Internetsite: www.greenevents.lu

## Allgemeng Informatiounen

Datum Berodung: Click here to enter text.

| Numm vum Event | Organisateur(en) |
| --- | --- |
| Click here to enter text. | Click here to enter text. |
| **Typ vum Event** | **Adress vum Haaptorganisateur** |
| Click here to enter text. | Click here to enter text. |
| **Datum(er) vum Event** | **Aner Veräiner / Institutiounen déi un der Organisatioun bedeelegt sinn** |
| Click here to enter text. | Click here to enter text. |
| **Adress / Uert vum Event** | **Numm a Positioun vun der Kontaktpersoun** |
| Click here to enter text. | Click here to enter text. |
| **Ongeféier Unzuel vun den erwaarte Visiteuren** | **Telefon an E-Mail-Adress vun der Kontaktpersoun** |
| Click here to enter text. | Click here to enter text. |
| **Internetsite / Sozial Medien vum Event** | |
| Click here to enter text. | |

## Beschreiwung vum Event

Wgl. erkläert kuerz de Kader an d'Konzept vum Event

Click here to enter text.

| Nr. | Krittären | Jo | Nee | NA | Erklärungen a Kommentaren |
|---|---|---|---|---|---|
| | **Kommunikatioun & Marketing** | | | | |
| 1 | Kommunizéiert Dir de Visiteuren am Virfeld déi ëmweltbewosst Moossnamen déi um Event ëmgesat ginn (onofhängeg vum Logo)? | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |
| 2 | Informéiert Dir Är Équipen/Staff fir dass si zum Erfolleg vun den ëmweltbewosste Moossnamen bäidroe kënnen (Ëmweltpolitik, Offallvermeidung a -management)? | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |
| 3 | Informéiert Dir Är Partner, Exposanten a Sponsoren iwwer déi ëmweltbewosst Moossnamen vum Event?<br><br>*(cf. Krittären 12 & 17)* | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |
| 4 | Gräift Dir op digital Kommunikatioun zeréck fir de Pabeierverbrauch ze reduzéieren (z.B. Internetsite, E-Mail, sozial Netzwierker, E-Ticket, QR-Code)? | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |
| 5 | Passt Dir d'Unzuel vun de Pabeierauszich un de reelle Besoin un, fir en Iwwerschoss u Pabeier ze vermeiden? | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |
| 6 | Wann Dir op Pabeier print (z.B. Plakater, Flyer, Bongen), huelt Dir recycléierte Pabeier? | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |
| 7 | Benotzt Dir déi meescht vun Äre Banner, Plakater a Schëlder erëm? | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |

| Nr. | Krittären | Jo | Nee | NA | Erklärungen a Kommentaren |
|---|---|---|---|---|---|
| 8 | Sinn dem Organisateur seng Banner / Baatschen a Roll-ups PVC-fräi (z.B. JET TEX, PEHD/Tyvek, Polyester/PET)?<br><br>*Nëmmen applicabel fir nei Uschafungen.* | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |
| 9 | Verzicht Dir als Organisateur op Eewee-Artikelen fir Gadgets, Marketingsartikelen a Kaddoen (inkl. Tombola) (z.B. Loftballonen, eenzel verpaakte Séissegkeeten)?<br><br>*NB: Zitt ekologesch, lokal a rëmbenotzbar Géigestänn vir.* | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |
| 10 | Sinn d'Textilien (Ploweren, T-Shirten, stoffe Kierf) déi fir de Staff oder fir de Verkaf ugebuede ginn aus fairem Handel, Bio-Cotténg, recycléiertem Material an/oder hu se een ekologesche Label?<br><br>*NB: Nëmmen applicabel fir nei Uschafungen.* | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |
| 11 | Informéiert an encouragéiert Dir Är Visiteuren, rëmbenotzbar Tuten matzebréngen? | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |
| 12 | Informéiert Dir Är Partner, Exposanten a Sponsoren, dass Eewee-Gadgets a -Marketingsartikelen op Ärem Event verbuede sinn (z.B. per Mail, Kontrakt)? | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |

## Dekoratioun & Material

| Nr. | Krittären | Jo | Nee | NA | Erklärungen a Kommentaren |
|---|---|---|---|---|---|
| 13 | Lount oder benotzt Dir nohaltegt an/oder rëmbenotzbaart Material (Bühn, Still, Dëscher, Zelter, Teppecher asw.) oder notzt Dir Material aus zweeter Hand fir d'Gestaltung vun Ärem Event? | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |
| 14 | Besteet Är Dekoratioun (z.B. Planzen, Girlanden, Dëschnappen/-sets, Dëschdekoratioun) aus natierlechem an/oder rëmbenotzbarem Material?<br><br>*NB: Loftballonen sinn net erlaabt.* | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |
| 15 | Zitt Dir, wa méiglech, Stempelen den Entréesbännercher vir?<br><br>*NA: Fir Eventer déi iwwer puer Deeg stattfannen.* | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |
| 16 | Sinn Är Stänn als Organisateur rëm benotzbar? | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |
| 17 | Informéiert Dir d'Exposanten, dass si sollen rëm benotzbar Stänn hunn? | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |
| | **Mobilitéit** | | | | |
| 18 | Ass Äert Event gutt mam ëffentlechen Transport erreechbar? | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |

| Nr. | Krittären | Jo | Nee | NA | Erklärungen a Kommentaren |
|---|---|---|---|---|---|
| 19 | Stellt Dir Navetten zur Verfügung fir op d'Event an zréck ze kommen?<br><br>*NA: Wann d'Event gutt un den ëffentlechen Transport ugebonnen ass.* | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |
| 20 | Si Vëlosstänneren op der Plaz oder stellt Dir der zur Verfügung? | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |
| 21 | Gi konkret Mesuren geholl fir de Visiteuren de Covoiturage ze vereinfachen (z.B. per Online-Plattform, reduzéiert Parking-Käschten)?<br><br>*NA: Wann d'Prioritéit um ëffentlechen Transport/Navetten läit.* | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |
| 22 | Informéiert Dir d'Visiteuren kloer **virum** Event wéi si zu Fouss, mam Vëlo, mam ëffentlechen Transport, per Covoiturage op d'Event kënne kommen? | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |
| | **Iessen & Gedrénks**<br>**Liewensmëtteloffer** | | | | |
| | Wat gëtt vu wiem ugebueden?<br><br>*NB: Dës Krittären treffen op de Catering sur place zréck fir Visiteuren, Benevollen an Artisten.* | | | | Click here to enter text. |
| 23 | Verzicht Dir op net-saisonal Produiten fir Uebst a Geméis? (cf. regionalsaisonal.lu) | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |

| Nr. | Krittären | Jo | Nee | NA | Erklärungen a Kommentaren |
|---|---|---|---|---|---|
| 24 | Bitt Dir vegetaresch/vegan Geriichter un? | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |
| 25 | Bitt Dir Gedrénks aus certifiéierter biologescher Landwirtschaft un (z.B. Jus, Limonaden, Béier, Wäin, Crémant, Gin)? | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |
| 26 | Bitt Dir Gedrénks aus Lëtzebuerg an/oder aus der Regioun "≤ 150 km" un (z.B. Jus, alkoholescht Gedrénks, Waasser, Kraidertéi, Mëllech)? | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |
| 27 | Bitt Dir Liewensmëttel aus certifiéierter biologescher Landwirtschaft un (z.B. Geméis, Miel, Brout, Eeër, Fleesch)? | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |
| 28 | Bitt Dir Liewensmëttel aus Lëtzebuerg an/oder aus der Regioun "≤ 150 km" un (z.B. Mëllechprodukter, Gromperen, Fritten, Fleesch, Miel, Brout, Eeër, Uebst, Geméis, Hunneg, Zoossen)? | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |
| 29 | Bitt Dir Produiten aus fairem Handel un?<br><br>*NB: Nëmmen applicabel wann Dir Produiten hutt, déi net an Europa produzéiert ginn (z.B. Kaffi, Téi, Kakao, Schockela, Banannen, Zocker).* | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |
| 30 | Wann Dir Fësch oder Mieresfriichten ubitt, ass en Deel dovunner aus der Regioun, aus biologescher Aquakultur oder mat engem nohaltege Label (z.B. MSC)? | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |

| Nr. | Krittären | Jo | Nee | NA | Erklärungen a Kommentaren |
|---|---|---|---|---|---|
| 31 | Wann Dir Produiten aus biologescher Landwirtschaft, fairem Handel oder der Regioun ubitt, informéiert Dir Är Visiteuren doriwwer (z.B. duerch Kennzeechnung op der Menuskaart)? | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |
| 32 | Reduzéiert Dir d'Liewensmëttelverschwendung (z.B. Umeldung fir d'Iessen, Antigaspi-Logo fir Eventer)? | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |
| | **Iessen & Gedrénks**<br>**Offallvermeidung** | | | | |
| 33 | Benotzt Dir nëmmen Mehrweggeschir (Besteck, Telleren, Schosselen)?<br><br>*NB: Fäerdegproduiten, déi eenzelverpaakt sinn, sinn ze vermeiden (z.B. Chips, Müsli- /Schokoriegel)* | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |
| 34 | Benotzt Dir nëmmen Mehrweg-Becheren, -Glieser an -Tasen? | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |
| 35 | Verzicht Dir op eenzel verpaakten Zoossen? | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |
| 36 | Verzicht Dir op eenzel verpaakten Zocker (wann d'Hygiène-Virschrëften dëst zouloossen)? | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |
| 37 | Verzicht Dir op eenzel verpaakte Mëllechdëppercher (wann d'Hygiène-Virschrëften dëst zouloossen)? | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |

| Nr. | Krittären | Jo | Nee | NA | Erklärungen a Kommentaren |
|---|---|---|---|---|---|
| 38 | Stellt Dir Krunnewaasser aktiv zur Verfügung? | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |
| 39 | Verzicht Dir op Eeweefläschen an Eeweeverpackungen fir d'Gedrénks?<br><br>*NB: Ausser fir Gedrénks dat et net a Mehrwegverpackungen gëtt.* | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |
| 40 | Verzicht Dir op Schallimoen oder benotzt Dir rëmbenotzbar Schallimoen (z.B. aus Inox, Glas, festem Plastik, Silikon a Bambus)?<br><br>*NB: Eewee-Schallimoen an iessbar Schallimoen (wéi z.B. Nuddelen) däerfen just als Ausnam a just op speziell Demande vum Visiteur ugebuede ginn.* | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |
| 41 | Benotzt Dir Zerwéiten aus Stoff oder aus recycléiertem (wa méiglech ongebleechtem) Pabeier? | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |
| | **Offall** | | | | |
| 42 | Stellt Dir sécher, dass d'Offalltrennung während der Montage an der Demontage vun Ärem Event gemaach gëtt? | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |
| 43 | Ass d'Offalltrennung **fir d'Stänn/am Backstage** richteg ëmgesat (entspriechend de Prinzipien vun der Offallgestioun zu Lëtzebuerg)? | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |

| Nr. | Krittären | Jo | Nee | NA | Erklärungen a Kommentaren |
|---|---|---|---|---|---|
| 44 | Ass d'Offalltrennung **fir d'Visiteuren** richteg ëmgesat (entspriechend de Prinzipien vun der Offallgestioun zu Lëtzebuerg)? | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |
| 45 | Gëtt de gesammelten Offall uerdnungsgemäss entsuergt (entspriechend de Prinzipien vun der Offallgestioun zu Lëtzebuerg)? | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |
| 46 | Ginn d'Sammelbehälter op strategesch gudde Plazen opgestallt? | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |
| 47 | Sinn d'Sammelbehälter däitlech gekennzeechent? | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |
| 48 | Stellt Dir sécher, dass d'Sammelbehälter propper gehal a bei Bedarf eidel gemaach ginn (z.B. duerch Designéieren vun enger Offallekipp)? | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |
| 49 | Hutt Dir Äschebecheren um Event opgestallt? | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |
| | **Waasser & Sanitär** | | | | |
| 50 | Wann Dir mobil Toiletten hutt, sinn déi un d'Ofwaasser ugeschloss? | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |
| 51 | Ass den Toilettepabeier mat engem ekologesche Label gekennzeechent, aus recycléiertem Pabeier oder gëtt en an der Campagne Shop | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |

| Nr. | Krittären | Jo | Nee | NA | Erklärungen a Kommentaren |
|---|---|---|---|---|---|
| | Green vun der SuperDrecksKëscht recommandéiert?<br><br>*NA: Wann de Pabeier an der Locatioun vun der Toilette mat abegraff ass.* | | | | |
| 52 | Huet d'Handseef en ekologesche Label oder gëtt se an der Campagne Shop Green vun der SuperDrecksKëscht recommandéiert?<br><br>*NA: Wann d'Seef an der Locatioun vun der Toilette mat abegraff ass.* | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |
| 53 | Hunn d'Botzmëttel déi gebraucht ginn en ekologesche Label oder ginn se an der Campagne Shop Green vun der SuperDrecksKëscht recommandéiert?<br><br>*NA: Wann den Organisateur keen Afloss op d'Botzen huet.* | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |
| | **Energie** | | | | |
| 54 | Benotzt Dir energiespuerend Beliichtung? (z.B. LED, Solarbeliichtung)<br><br>*NA: Wann den Organisateur keen Afloss op d'Beliichtung huet.* | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |
| 55 | Verzicht Dir op eng Heizung am Fräien (Gas-Heizpilz/Infrarout-Heizstrahler)? | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |

| Nr. | Krittären | Jo | Nee | NA | Erklärungen a Kommentaren |
|---|---|---|---|---|---|
| 56 | Verzicht Dir op fossil Brennstoffer fir d'Energieproduktioun op der Plaz (Stroumaggregater, Heizgeräter asw.)?<br><br>*NB: Mat Ausnam vu mobilen gasbedriwwenen Kachplaquen.* | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |
| | **Ekologescht Engagement** | | | | |
| 57 | Ënnerstëtzt Dir déi lokal oder regional Wirtschaft (≤ 150 km) an/oder sozial an/oder kulturell Initiativen?<br><br>*Z.B. ee lokalen Handwierker oder eng Firma engagéieren, lokal Produzenten, Associatiounen oder Kënschtler alueden, en Don un eng Hëllefsorganisatioun maachen.* | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |
| 58 | Reduzéiert Dir Stéierungen an Ëmweltbelaaschtungen während Ärem Event (Kaméidi, Liichtverschmotzung, Beschiedegung vun Naturraim / Wues)? | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |
| | **Zousätzlech Eegeninitiativ** | | | | |
| 59 | Zousätzlech Eegeninitiativ (Bonus) | ☐ | ☐ | ☐ | Click here to enter text. |